CSV FRÉISENG

Froen un de Schäfferot

Sëtzung vum Gemengerot vun der Gemeng Fréiseng den 29. September 2021

Här Buergermeeschter, Dir Häre Schäffen,

sou wéi d'Gemengegesetz dat a sengem Artikel 23 virgesäit, an eis baséierend op den Artikel 8 vum "Ordre Intérieur de la Commune de Frisange", wëlle mir am Numm vun der CSV zum Punkt „Questions écrites au collège échevinal“ vun der Dagesuerdnung déi folgend Froen un lech riichten:

Réaménagement vum Schoulhaff zu Fréiseng

An der Sitzung vum 10. Mäerz 2021 huet de Gemengerot den Devis fir de Réaménagement vum Schoulhaff zu Fréiseng gestëmmt. An där selwechter Sitzung huet de Buergermeeschter op Nofro hi matgedeelt, dass dës Aarbechten idealerweis sollte während der Summervakanz realiséiert ginn, wat ower leider net de Fall war. Kann de Schäfferot dem Gemengerot den aktuelle Stand an dësem Projet matdeelen? Sollt de Schoulhaff elo während der Schoulzäit nei gemaach ginn, wéi eng Mesure ginn da geholl fir d'Sécherheet vun de Schoulkanner ze garantéieren respektiv fir de Schoulbetrib esou mann wéi méiglech ze stéieren (virun allem wat de Kaméidi ugeet)?

Jugendhaus – Konventioun mat JUKI asbl

Mär krute matgedeelt, dass d'Konventioun mat JUKI asbl wéinst engem Jugendhaus zu Uespelt anscheinend annuléiert gouf. Kann de Schäfferot eis déi Informatioun confirméieren? Falls jo, wat sinn d'Grënn dofir? Wéi eng Käschte sinn der Gemeng eventuell doduerch entstanen? Wéi geet et dann elo mam Projet Jugendhaus weider?

Aktuelle Stand beim Projet vum neie Gemengenhaus

An engem Artikel Enn August am „Luxemburger Wort“ gëtt de Buergermeeschter am Kontext mat den Ausschreiwungen a Relatioun mam neie Gemengenhaus folgendermoossen zitéiert: „Angesichts gut gefüllter Auftragsbücher würden Firmen und Unternehmen allerdings wenig Interesse an den Ausschreibungen zeigen, so das Gemeindeoberhaupt. Und wenn, dann würden hohe Preise gefordert.

Dies könnte den festgelegten Finanzrahmen sprengen.“. Kann de Schäfferot eis heizou weider Informatioune ginn, besonnesch wat den Impakt op den Zäitplang respektiv de Budget ugeet?

Verkéiersberouegung vun der N13

Vu staatlecher Säit gouf dem Schäfferot jo entretemps en Avant-Projet presentéiert wéi d’Nationalstrooss N13 vun Helleng iwwer Fréiseng bis op Uespelt soll reaménagéiert ginn. Kann de Schäfferot eis soen, wéi dëse Projet soll zäitlech ëmgesat ginn? Wéini kritt d’Verkéierskommissioun an de Gemengerot den Avant-Projet virgestallt, fir hiren Avis dozou kënnen ofzeginn?

Notzung vun der Sportshal an der Summervakanz

D'Sportshal war dëse Summer, wéi och schonn déi Jore virdrun, fir d'Veräiner aus eiser Gemeng zou. Mär hunn héieren, datt trotzdem e Veräin aus enger anerer Gemeng wärend dëser Zäit an der Sportshal trainéiert huet. Dohier hu mär folgend Froen:

- Vu wéini bis wéini war d'Hal offiziell zou?
- Gedenkt de Schäfferot dat eventuell ze änneren a just nach den August d'Hal zou ze maachen?
- Stëmmt et datt en auswäertege Veräin awer an der Hal trainéiert huet? Falls jo, firwat krut dee Veräin eppes erlaabt wat eis Veräiner net däerfen?

Marc Jacoby Claude Courtois Georges Hoffmann